



Här Chris BERNARD
Gemegeconseiller

41, rue Jean Waxweiler

L-4783 PETANGE

Referenz :2024.63952.SECR

Péteng, de 4. Dezember 2024

Betreff: Är Froe vum 31. Oktober 2024

(Den Dossier gëtt bearbecht vun der Madamm Julie Marx -Tel. : 50 12 51 – 2014)

Här Chris Bernard,

An Ärem Breif vum 31. Oktober 2024, deen der Gemegeverwaltung per Email de 4. November 2024 zougestallt gouf, stellt Dir dem Schäfferot folgend Froe :

Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,

An der Gemengerotssitzung vum 23.09.2024, ass de Punkt 4.1. "Congé politique supplémentaire", ofgestëmmt ginn.

Als eng vun de dräi Oppositounsparteien hu mir net schlecht gestaunt, wou 15 zousätzlech Congé politique Stonnen, déi am Prinzip fakultativ sinn, integral ënnert deenen zwou Majoritéitsparteien opgedeelt gi sinn.

Dat d'Schäffen déi eng oder aner zousätzlech Congé politique Stonn sollten kréien wär nach ze verstoen.

Opgefall ass allerdéngs, dat exklusiv CSV/LSAP Conseilleren iwwert halschend vun dese Stonnen iwwerdroe kritt hunn.

Am Schreiwes vum Innenministere hëscht et:

1. Modifications concernant le conge politique des bourgmestres, echevins et conseillers communaux

(c) Augmentation du conge politiquesupplémentaire :

Un conge politique supplémentaire de 15 heures est réparti par le conseil communal parmi ses membres Cette répartition n'est plus liée à la fonction de délégué au comité d'un syndicat de commune, mais peut être effectuée librement par le conseil communal selon les besoins des conseillers.

An deem Zesammenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemegegesetz, wéilt ech lech folgend Froe stellen:

- 1. Mat wéi engen Argumenter, krute just CSV/LSAP Conseilleren zousätzlech Stonnen ugebueden?*
- 2. Verschidden CSV a LSAP Conseilleren sinn och an de Gemengesyndikater vertrueden. Wéivill Congé politique Stonnen sinn hei insgesamt iwwert déi eenzel CSV/LSAP Conseilleren verdeelt?*



3. *Wisou huet de Schäfferot sech net fir eng "fair" Repartitioun vun de 15 supplémentäre politique Stonnen agesat a zumindest all de Parteien am Gemengerot 1 Stonn ugebueden?*
4. *Gëtt ärer Meenung mam Vote vum 23.09.2024, an déi resultéierend Decisiounen, d'Aarbecht vun den Oppositionsparteien defavoriséiert?*
5. *Am Virfeld vun der Gemengerotssëtzung ass een Accord festgehaalen ginn, wou 2 Schäfte an 3 Conseilleren, déi zousätzlech Stonnen sollten kréien. Wisou sinn et keng Gespréicher mat den anere politeschen Parteien vum Gemengerot am Virfeld gemaach ginn?*

Mat Respekt,

*Chris Bernard,
Gemengeconseiller*

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

Här Bernard,

Am Gesetz ass net definéiert wei de "Congé politique supplémentaire" muss verdeelt ginn, d'Attributioun vun dëser Stonne gëtt vum Gemengerot gestëmmt. A senger Sëtzung vum 23. September 2024 huet de Gemengerot dem Schäfferot seng Propose majoritaire ugeholl, wat een demokratesche Prozess ass, deen et gëllt ze respektéieren.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär,

De Buergermeeschter,